LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Le Ministre

Monsieur Bob Walisch

Luxembourg, le 01 MARS 2024

Dossier suivi par :
Nathalie MEDERNACH
247-74652
Nathalie.Medernach@mai.etat.l

n/réf.: SCL: PET 2999 – 44 / sp

**Objet : Petitioun 2999 – Garantéieren vun enger Policegarde zu Péiteng 24/7**

Här Walisch,

Heimat hunn ech d'Éier Iech op är Petitioun ze äntweren, déi dir de 26. Dezember 2024 deposéiert hutt, bezüglech enger permanenter Garde am Kommissariat zu Péiteng.

Ech verstinn är Suergen. Erlaabt mir Iech hei ze erkläre wéi d'Kommissariater säit der Reform vun 2018 opgedeelt goufen, fir méi effizient a no um Bierger ze sinn. D'Police ass national organiséiert, fir am ganze Land e Service public ronderëm d'Auer ze garantéieren. Dofir muss een Zännrad an dat anert gräifen.

Ech wëll an éischter Linn bemierken, dass den déidlechen Incident deen dir uschwätzt, e schlëmmen, mee isoléierte Fait ass, dee bannen an enger Diskothéik virgefall ass.

Am Kommissariat *à 2 roulements* zu Péiteng schaffen d'Poliziste vu Méindes bis Freides vu 07h00 bis 21h00. D'Kommissariat zu Péiteng ass territorial zoustänneg fir d'Gemenge Péiteng a Käerjeng.

Nuets a Weekends fält dësen Territoire an de Kompetenzberäich vum Kommissariat *à 3 roulements* vun Déifferdeng, duerch seng geographesch Proximitéit. Dëst Kommissariat funktionéiert och den Dag iwwer komplementar zum Péitenger Kommissariat, andeem Déifferdenger Policepatrulle ronderëm d'Auer de gesamten Territoire ufueren, dëst esou wuel präventiv wéi och am Kader vun engem Incident.

Zousätzlech erméiglecht den Einsatzleitsystem (ELS) der Police eng regional, voire national Gestioun vun den Incidenten, fir am Eeschtfall Patrullen aus der ganzer Regioun, a wann néideg aus dem ganze Land, op Péiteng schnellstméiglech ze schécken. D'Policeinterventioun nom Tornado am August 2019 ass just ee Beispill vun dëser Gestioun.

Am Kader vun der Personalopstockung an dem massive Rekrutement iwwer déi nächst Joren ass virgesinn och d'Kommissariater vun Déifferdeng a Péiteng ze stäerken. Zu Déifferdeng gouf eréischt d'lescht Joer en neit Kommissariat ageweit, wat Plaz fir zukünfteg Renforte bitt. Zu Péiteng ass och en neit Gebai fir d'Police geplangt mat Plaz fir zousätzlech Polizisten.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Le Ministre

Aktuell schafft d'Police dru fir a verschiddene Gemengen d'Fonktionnementszäite vun de Kommissariater *à 2 roulements* der Realitéit um Terrain unzepassen. Dëst setzt awer viraus, dass genuch Effektiver do sinn.

D'Gemeng Péiteng an d'Regionaldirektioun vun der Police aus dem Süd-Weste wäerten an de nächste Méint e lokale Sécherheetsplang ausschaffen, fir op Grond vun enger objektiver Analyse vun der lokaler Delinquenz adequat gemeinsam Mesuren auszeschaffen, bei deenen d'Sécherheet vun de Péitenger Bierger am Fokus steet.

Schlussendlech wëll ech och op de Projet vun enger lokaler Police Unitéit verweisen, déi am Regierungsprogramm virgesinn ass [1].Et ass eng Test Phase virgesi fir dëse Projet, zu deem och scho konkret Gespréicher mat 2 Gemenge gefouert goufen. Präventioun an Proximitéit vun der Police um Terrain läit mir um Häerz. Dofir wärte mir an Zukunft d'Präventiounsaarbecht vun der Police verbesseren.

Mat beschte Gréiss,

Le Ministre des Affaires intérieures,

Léon GLODEN

---

[1] « *La proximité de la police avec les citoyens sera renforcée dans le but d'assurer un travail de prévention sur le terrain. Dans ce sens, une unité de police locale sera constituée au sein du corps actuel de la PGD, sur laquelle le bourgmestre aura un pouvoir de direction dans le cadre de ses missions d'ordre public (tranquillité publique, sécurité publique et salubrité publique)* » Extrait programme gouvernemental 2023 - 2028